Ovatioun fir déi nei, déi bleiwend an d'austriedend Gemengepolitiker um Camping Krounebierg

Et ass eng Traditioun, den neie Gemengerot am Kader vun enger Feier z'éiren, an d'Organisatioun vun dem Fest ass zanter Joerzéngten an der Hand vum Mierscher Syndicat. Esou war dann och de Sonnden, 15. Abrëll um Camping Krounebierg eng flott Feier, wou de Syndicat nei Weeër gaangen ass, an all Conseiller eng Lann gesat krut.

No der musikalescher Ouverture duerch d'Mierscher Musek huet den neie President vum Syndicat, Abby Toussaint, en intressante Verglach vum Wuessen, Wierken, vun den Aufgaben a vum Notze vu Beem mat Lokalpolitiker gemaach an den 52 Kandidate merci fir hiert Engagement bei de Wale vum 8. Oktober 2017 gesot. All Gewielte krut als Undenken e „gëllenen" Spuet iwwerreecht, fir dem Mulch bei sengem schonns geplanzte Bam dee leschte Schlëff ze ginn. Och gouf eng Gedenktafel zu dëser Zeremonie opgehaangen. No der Usprooch vum Buergermeeschter Michel Malherbe ass de Mëtten fir all präsent Leit mat engem gudde Buffet a passende Grilladen op en Enn gaangen.

Gemengerot 2017-2023

Malherbe Michel, Buergermeeschter
Reiland Michel, Schäffen
Toussaint Abby, Schäffen
(2017-Enn 2019)
Krier Henri (Enn 2019 – 2023)

Adam Claude
Brosius Carine
Feller-Wilmes Joëlle
Haubrich-Schandeler Christiane
Kremer Alex
Miny Romain
Reckinger Jhemp
Vullers Willy
Weiler Mariette